

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Ee Beruufsstand, dee ganz haart vun der sanitärer Kris getraff gëtt, sinn d'Maartleit. Iwwerdeems de Frëschmaart nach mat engem bloen Aen dervu kënn, ass dat bei deene Leit, déi Kleeder an Hauswuer verkafen, anescht. Mat der Braderie an der Fouer hu si Groussmanifestatioune verluer, déi en décken Deel vun hirem Joresëmsaz gemaach hunn. Braderie si bis an den Hierscht ofgesot. Vun den traditionelle Fester sinn der schonn ofgesot, déi am November gewiescht wäeren.

Déi Leit wëlle schaffen, an déi bescht Hëllef, déi een hinne kéint ginn, wär, hinne Verkafsméiglechkeeten ze ginn. Duerfir wëll ech des Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass den Här Minister sech bewosst, dass d'Maartleit, déi keng frësch Wuer verkafen, praktesch dëst Joer keen Ëmsaz méi kënnen maachen?
2. Ass den Här Minister d'accord, fir ze soen, dass d'Maartleit net nëmme «Commerce» si mee och e Stéck lieweg Traditioun, déi et derwäert ass, erhalen ze ginn?
3. Kann de Här Minister sech virstellen, dass de Maartleit eng Verkafsfläch an de Summerméint zur Verfügung gestallt gëtt, wou si u bestëmmten Datummer oder esou guer iwwer bestëmmte Perioden hir Wuer ubidde kënnen, dëst selbstverständlech am Respekt vun de Sécherheitsbestëmmungen?
4. Ass et denkbar, dass dëst vun der Regierung gereegelt gëtt, oder gesäit de Minister dat eventuell als eng méiglech Gemengeninitiativ. Wär hien an deem Fall bereet, d'Gemengen ze encouragéieren, de Maartleit esou eng Geleeënheet, fir hir Wuer unzebidden, ze bidden?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten